nee2015
Wee2050 Mir sinn déi politesch Mëtt

Pressecommuniqué, 20.1.2016

Ouni Lëtzebuerger Sprooch keng voll Integratioun, net nëmmen am Précoce mä och bei den Accueils-Klassen an am neie Lycée zu Déifferdeng!

D'Lëtzebuerger Schoul an d'Sprooch sinn säit Joerzéngten de Garant fir eng gelongen Integratioun zu Lëtzebuerg, an déi nei Regierungspolitik riskéiert dat elo ze änneren.

1. Am Précoce:

D'Gewerkschaft SNE-CGFP kritiséiert de Projet vum Minister Meisch fir schonn am Précoce de Franséisch-Unterrecht anzeféieren.

Mir schléissen eis der Kritik un an betounen weider datt:

- de Précoce do ass, fir datt déi auslännesch Kanner Lëtzebuergesch léieren an sou besser virbereed an d'Primärschoul ginn.
- een d'Kanner, an ganz besonnesch déi auslännesch Kanner, net soll schonn sou fréi mat zousätzleche Friemsproochen belaaschten, well se vun doheem aus nach aner Sproochen schwätzen.
- et net kloer ass, ween dann elo soll de Franséisch-Unterrecht am Précoce halen.

Doriwwer eraus féiert de Franséisch-Unterrecht am Précoce (mam wahrscheinlechen Ziel fir d'Alphabetiséierung op Franséisch anzeféieren) dozou dass d'Roll vum Lëtzebuergeschen ofhëlt.

Sou gesäit et och de Bildungsfuescher Romain Martin (uni.lu):

"Er (R. Martin) habe aus dem Referendum herausgehört, so Martin, dass Luxemburger einen „ganz, ganz großen Wert auf die luxemburgische Sprache" legten. Voraussetzung für eine Alphabetisierung auf Französisch sei, Kinder schon im Spielschulalter an Französisch heranzuführen. ***Dann aber würde Luxemburgisch in den Hintergrund treten, was offensichtlich keiner wolle****."*
(http://www.land.lu/2015/08/21/schicksalsfrage-sprachen%E2%80%A9/)

An wieder seet de Romain Martin, datt et éischter besser wier, Franséisch méi spéit ze léieren, wéi bis elo:

"Bildungsforscher Professor Romain Martin schlägt vor: "Vielleicht sollte der Lernprozess in der Grundschule zeitlich so gestreckt werden, dass die Einführung des Französischen nicht so nahe auf den Alphabetisierungsstart im Deutschen erfolgt." Er ist sich sicher: „Die Schullaufbahn ist lange genug, um Fremdsprachen auch etwas später erfolgreich zu lernen.""
(http://www.wort.lu/de/lokales/franzoesisch-als-erste-sprache-in-der-schule-forscher-sind-skeptisch-52fe4cdce4b06ebe161802a7)

2. An den Accueils-Klassen

Déi Problemer, déi beschriwwen ginn, existéieren awer schonn bei den Accueils-Klassen, wou d'Kanner keen Däitsch a kee Lëtzebuergesch léieren. Oft beschwéieren sech dës Kanner, well se sech vun deenen anere Kanner ausgeschloss fillen: Si kënnen net matschwätzen op Lëtzebuergesch. Och déi Lëtzebuerger Nationalitéit kënnen si sou net kréien.

3. Am neie Lycée zu Déifferdeng

Ähnlech Problemer kommen lo beim Lycée vun Déifferdeng. Déi Kanner, déi zu Déifferdeng an den internationalen Lycée ginn mussen keen Däitsch léieren an och Lëtzebuergesch riskéiert éischter rudimentär geléiert ze ginn.

Doduerch gëtt de Kanner vun vireran d'Integratioun hei zu Lëtzebuerg verbaut:

- Si wäerten an enger Parallelgesellschaft opwuessen am Géigesaz zu deene Schüler déi am ëffentlechen Lëtzebuerger Schoulsystem sinn.
- Si wäerten et eventuell schwéier kréien fir eng Kéier déi Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien.
- Si wäerten vun vireran eng ageschränkten Beruffswiel hunn ouni Accès op d'Fonction publique an Beruffer wéi z. B. Léierin oder Polizist, sou wéi och vill aner Plazen wou een hei zu Lëtzebuerg déi 3 administrativ Sproochen muss beherrschen.

Dat ass en System vun Exklusioun an hei gëtt, mëttelfristeg, eng Zwouklassegesellschaft geschaf an dat ganzt institutionaliséiert duerch d'Schoul.

Mir sinn fir d'Inclusioun, Integratioun an Chancëgerechtegkeet an dofir soen mir:

- De lëtzebuergeschen Schoulsystem muss als beschten Integratiounswee promovéiert ginn.
- Den auslänneschen Matbierger solle mer éierlech soen dass hir Kanner nëmmen a lëtzebuergeschen Schoulen voll integréiert ginn.
- Lëtzebuergesch an Däitsch sinn net manner wäert wéi franséisch a mussen genausou wéi franséisch an allen staatlech ënnerstëtzte Schoulen zu Lëtzebuerg geléiert ginn.

Fir d'Integratioun a géint Parallelgesellschaften an Ausgrenzung!

D'Initiativ *nee2015 – Wee2050*
Mail: kontakt@nee2015.lu